



En Donneschdeg, den 8. August 2024, war ëm 14:00 Auer déi lescht Gemengerotssitzung. D’Gemengeréit Joëlle Fagny ép. Kraus a Loïc Brune waren entschëllegt.

## 1. Adoption de la charte relative à la participation à la Semaine européenne de la mobilité

D’Bisser Gemeng hält och dëst Joer un der Europäescher Mobilitéitswoch deel. Si ass vum 16. bis 22. September 2024 a soll den europäesche Motto “Shared Public Space” berücksichtegen. Um Programm stinn:

- 16. September: Trëpeltour mam 3. Alter
- 17. September: PediBus mat den Elteren, dono Coffee To Go
- 18. September: Aweigung vun der Rouschter Strooss
- 19. September: kleng Foire ronderëm de Vëlo
- 20. September: Verkéierserzéiung vun de Kanner
- 21. September: Spillplazerallye
- 22. September: Seefekëschterennen

Parallel organiséiert d’Kulturkommissioun eng Ausstellung am Wonerbatti.

D’CSV-Fraktioun huet drop opmierksam gemaach, datt et am neie Bushaischen “Um Steekräiz” keng Sätzplaze gëtt. De Buergermeeschter huet geäntwert, datt e Bushaische primär fir de Schutz vum Ree geduecht ass, mee e géif dat kucken.

## 2. Impôt commercial pour l’année 2025

D’Gewerbsteier fir d’Joer 2025 bleift onverännert op 300 Prozent.

## 3. Impôt foncier pour l’année 2025

Och d’Grundsteier bleift onverännert, an zwar:

- |  |      |
|--|------|
| - A (propriétés agricoles):                              | 300% |
| - B1 (constructions industrielles ou commerciales):      | 450% |
| - B2 (constructions à usage mixte):                      | 300% |
| - B3 (constructions à autre usage):                      | 300% |
| - B4 (maisons unifamiliales, maisons de rapport):        | 150% |
| - B5 (immo. non bâties autres que les terrains à bâtir): | 400% |
| - B6 (terrains à bâtir à des fins d’habitation):         | 400% |

#### 4. Ouverture des magasins en 2025

De Gemengerot freet de Wirtschaftsminister ëm Geneemegung, datt d'Geschäfter an der Biisser Gemeng och am Joer 2025 sonndes a feierdeegs kënnen opmaachen.

#### 5. Nuits blanches 2025

De Gemengerot huet déi Deeg festgeluecht, wou d'Biisser Caféen ouni Extra-Genemegung eng fräi Nuecht bis 3 Auer hunn:

- Virowend vum 1. Mee;
- Virowend vum Europadag;
- Kiermesfreideg, - samschdeg an -sonndeg;
- Virowend vum Nationalfeierdag;
- Silvester.

#### 6. Allocation de subsides à des associations non-locales

Follgend Associatioune kréien e Subsid vum der Biisser Gemeng:

- Semedoki	200,00
- Association des victimes de la route	200,00
- Croix Rouge	200,00
- Häerz fir kriibskrank Kanner	200,00
- Île aux clowns	200,00
- Wonschkutsch	200,00
- Street Angels	200,00
- Iwwerliewe fir bedreete Vëlker	200,00
- Amicale Albert Ungeheuer	200,00
- Bonnievale	200,00
- FIKELILA Childrens Center	200,00
- Fleegeeltere Lëtzebuerg	150,00
- Action pour un monde uni	150,00
- Sécurité routière	150,00
- Hëllef Doheem	150,00
- Association Alzheimer	150,00
- Massendénger Äischdall-Helpert	150,00
- Wonschstär	100,00
- Elteren a Frënn Atert Lycée Réiden	50,00
- SOS Sahel	50,00
- Hëllef maach mat IWD-Day	300,00
- Lëtzebuenger Blannevereinigung	150,00
- Special Olympics	150,00
- Parents d'enfants mentalement handic.	100,00
- Amicale sportive handicapés physiques	100,00
- SOS Villages d'enfants	100,00
- Noël de la Rue	100,00
- Fondation Kannerschlass	50,00
- Trisomie 21	50,00
- ALAN Maladies rares	50,00
- Pour la vie naissante	50,00
- Natur & Ëmwelt	100,00

- |                                    |        |
|------------------------------------|--------|
| - Fleeegestatioun fir wëll Déieren | 100,00 |
| - Kantonalimkerverein Mersch       | 100,00 |

## **7. Congé politique pour les délégués dans les syndicats de communes**

Nieft dem Congé politique, deem dem Biisser Buergermeeschter (24 Stonnen), de Schäffen (12 Stonnen) an de Gemengeconseillers (5 Stonnen) d'office zur Verfügung stinn, kann de Gemengerot weider 15 Stonne Congé politique fräi ënner sech verdeelen. Dës Verdeelung muss an enger Gemengerotssitzung virgeholl ginn. Zu Biissen huet de Schäfferot proposéiert, dës 15 Stonnen exklusiv ënner sech opzedeelen, an zwar:

- 11 Stonne fir de Buergermeeschter David Viaggi,
- 2 Stonne fir de Schäfte Roger Saurfeld,
- 2 Stonne fir d'Schäffin Cindy Barros.

Domatter huet de Buergermeeschter elo 35 Stonne Congé politique, woumadder hie bal eng voll Tâche fir d'Leedung vun der Gemeng huet.

## **8. Approbation de plusieurs règlements de circulation**

- Wéinst dem Uschloss vun der Crèche Butzemillen un d'ënnerierdesch Leitunge gëtt den Trafic an der Mierscherstrooss op der Héicht vun der künftiger Crèche vum 15. August bis 13. September 2024 mat roude Luuchte regléiert. D'Ureegung vun der CSV-Fraktioun, fir d'rout Luuchten op bestëmmten Auerzäiten (tëschent 8h30 a 16h00) ze limitéieren, gouf vum Schäfferot net iwwerholl. De Schäfferot wëll d'Situatioun fir d'éischt observéieren.
- Wéinst Aarbechten um "Chemin de Bousbiérg" gëtt dës Strooss vum 19. August bis 13. September 2024 tëschent den Haiser 1 an 11 gespäert.
- An der Entrée vun der Cité "Um kleng Mies" (Rue Michel Stoffel) entsteet en Trottoir traversant an an der ënneschter Entrée vun der Cité Steekräiz (Rue Dr. J.-P. Ecker) gëtt déi Waasserleitung ugeschloss. Dofir bleiwen dës Entréeën tëschent dem 19. August an dem 13. September gespäert. D'Awunner vun der Cité "Um kleng Mies" müssen duerch d'Cité "An der Bléi" fueren, während d'Awunner vun der Cité "Steekräiz" ë.a. déi mëttelst Entrée via d'Rue Dr. J.-P. Ecker huele kënnen.

## **9. Approbation d'un devis supplémentaire**

Fir d'Installatioun vun de grouse Bildschiermer bei der Gemeng müssen 12.612,41 Euro nogestëmmt ginn. Dës Installatiounskäschte ware beim initialen Devis vergiess ginn.

## 10. Approbation de plusieurs décomptes

Moderniséierung vun de Luuchten (bannen a baussen) vum Gebai "Gréngen Eck" (d.h. Bäckerei, Café, Restaurant a Wunnengen)

- Devis approuvés: 50.000,00 Euro
- Dépense effective: 49.630,64 Euro
- Moins-dépense: -369,36 Euro

Kaf vun der mobiller Bün

- Devis approuvés: 75.000,00 Euro
- Dépense effective: 74.600,00 Euro
- Moins-dépense: -400,00 Euro

Kaf an Installatioun vun den Ecrane bei der Gemeng an am Frounert

- Devis approuvés: 86.612,41 Euro
- Dépense effective: 86.612,41 Euro
- Moins-dépense: 0,00 Euro

Preparatioun an Opriichte vum Foussgängerleitsystem

- Devis approuvés: 180.000,00 Euro
- Dépense effective: 188.948,88 Euro
- Moins-dépense: +8.948,88 Euro
- Der CSV-Fraktioun ass opgefall, datt den Ingenieurbureau eleng ronn 55.000 Euro vun dëser Somme krut.

## 11. Modifications budgétaires - Exercice 2024

Zur Joreshalschent kënn et zu verschiddene Budgetsupassungen, déi awer ënner dem Stréch am Total sech neutraliséieren. Hei e puer Beispiller:

- Et goufen 10.000 Euro neit Equipement fir d'Kiche vun der Maison relais ugeschaaft.
- D'Elektreschrechnung vun den Haiser vun der Gemeng an der Grand-Rue ass an d'Luucht gaangen, vu geplangte 25.000 Euro op 45.000 Euro.
- De Catering beim Cyber Security Catering a beim Summerfest vum "Syndicat des eaux du centre" huet d'Gemeng ronn 15.000 Euro kascht, deemno zwee Evenementer, wou wéineg Bissers deelgeholl hunn.
- Et gouf méi Staatssubside fir den Naturpakt (e Plus vun 48.050 Euro).

## 12. Approbation de plusieurs actes notariés

- Am Kader vum Chantier an der Rue de la Chapelle goufen e puer Terrainstransaktiounen mat der Famill Teixeira Ribeiro - Marinho de Mouro a mat der Madame Elisabeth Trauffer.

- D'Creos wäert eng Traffostatioun um Jicksenhaff fir d'Alimentatioun vum künftege Waasserbasseng opriichten.

### **13. Résiliation d'un commun accord d'un contrat de bail**

D'Firma A-biss s.à r.l. an d'Biisser Gemeng goufe sech eens, fir de Mietvertrag vum Garde-Heischen ("Cyclo-Croc") réckwierkend op den 1. Januar 2024 opzeléisen. D'CSV-Fraktioun huet sech enthalen, well der Firma elo op emol matzen am Joer afält, fir de CycloCroc net méi ze lounen an dat gëtt och nach doduercher belount, datt se réckwierkend op den 1. Januar kee Loyer bezuele muss.

### **14. PAP Nouveau Quartier "Grand-Rue"**

Am Ufank vum Joer 2024 huet de Schännerot e Plan d'aménagement particulier (PAP) fir den neie Quartier tëschent der Grand-Rue, der Place Frounert, der Place de l'Attert an der Rue de la Laiterie op den Instanzewe ginn. De 6. Mee 2024 huet d'Cellule d'évaluation vum Inneministère säin Avis ofginn.

Elo hätt ee kënne mengen, datt domatter de Projet Grand-Rue géif endlech virugoen. Et ass awer de Contraire de Fall. De Schännerot wëll säin eegene PAP op enger Rëtsch Punkten nobesseren an dofir huet de Gemengerot mat de Stëmme vun der Majoritéit decidéiert, den eegene PAP ze refuséieren, fir doduerch d'Prozedur nees frësch ze lancéieren. D'CSV-Fraktioun huet sech enthalen.

### **15. Questions des conseillers communaux**

Zum Schluss vun der Sitzung hat d'CSV-Fraktioun nach e puer Froen un de Schännerot.

Am Contraire zu deem, wat Regierung, d'Gewerkschaften an de Grupp ArcelorMittal am Januar 2021 ofgemaach haten, gouf nach net vun ArcelorMittal an d'Zukunft vum Biisser Site investéiert. Gläichzäiteg ass no Informatiounen vun der Gewerkschaft OGBL d'Zuel vun den Aarbechtsplaze vun 322 op 276 gefall.

De Schännerot huet sech beméit, e Rendez-vous mam lokale Management ze kréien, mee krut dëse Rendez-vous nach net. Bis elo gouf d'Gemeng och nach net kontaktéiert, wéinst den néidege Geneemegunge fir déi versprochen Investitiounen an d'Dekarboniséierung vum Biisser Wierk.

Verschiede Gemengen hunn an de leschte Joren en neie Service agefouert, an zwar dat geleeëntlech Botze vun de Poubellen, nodeems d'Dreckscamione laanscht koumen. De Buergermeeschter huet drop higewisen, datt esou e Service d'Gemeengekeess mat ronn 100.000 Euro géif belaaschten an datt dës Käschten dann op d'Mülltaxen ëmgeluecht misste ginn.